27.6.2023

Léif Clienten,

leider kann een net ëmmer alles virausgesinn a plangen: duerch e Krankheetsfall ass d'Bicherhaischen leider dënschdes- an donneschdesmëttes zou. Ech gesinn och grad guer net wéi laang dat nach sou wäert sinn. Dat ass lo fir keen einfach: Dir stoungt warscheinlech mol virun zounen Dieren oder äer Commande brauch mol en Dag méi laang.

Hei huet mol fir d'éischt alles missen ëmorganiséiert ginn, vun engem Team vun 3 op 2. Dat gutt ass, ech sinn lo selwer rëm am Buttek. Nodeems ech virun e puer Joer am Elterecongé war an mech haaptsächlech em mäin Nowuess gekëmmert hunn, sinn ech lo rëm selwer am Bicherhaischen. D'Famill geet awer vir, an dowéinst hunn ech d'Decisioun geholl fir mech weiderhinn ëm mäin Kand ze këmmeren wann d'Schoul aus ass. Dat ass mir als Mamm ganz wichteg an ech hoffen op ären Versteesdemech.

Dir wäert Iech sécherlech froen firwat ech net einfach e Student huelen fir ze ersetzen? Ma well ech Iech eng gutt Berodung wëll ubidden! Dat war vun Ufank un mäin Usproch an fir sech dat Wëssen iwwer Kannerbicher unzëeegnen brauch et ganz einfach Zäit, vum Keesensystem schwätze mer léiwer net. Also ass dëst leider aktuell keng Optioun.

Wichteg ass natiirlech elo, dass Dir eis weider an d'Bicherhaischen besichen kommt a mir zesummen e flott Buch oder eng flott Spillsaach erauswielen. Ech hoffen dass Dir eis weiderhinn ënnerstëtzt an wärend de neien Öffnungszäiten laangschtkommt.

Hei sinn se nach eng Keier:
Dënschden: 9.00-12.30 Auer
Mëttwoch: 9.00-12.30 & 14.30-18.00 Auer
Donneschden: 9.00-12.30 Auer
Freiden: 9.00-12.30 & 14.30-18.00 Auer
Samschden: 9.00-12.30 & 14.30-17.00 Auer
Méindes ass zou.

Ech profitéieren och hei eisen Congé fir de Summer matzedeelen:
D'Bicherhaischen ass an der Summervakanz: 1.-19. August & 5.-9. September

D'Bicherhaischen gëtt et lo schonn zanter 2006! Ech hunn deemols vill Léiwt, Leidenschaft an Energie dran gestach fir mir mäin Dram ze erfëllen an et ass mat de Joren ëmmer méi grouss ginn: et ass bäigebaut ginn (Spillgezei) an d'Editioun Bicherhaischen koum och nach dobäi. No e puer net sou einfachen Momenter wéi z.B. den Elterecongé, Corona an den Ukrainkrich mat der Kris déi deen mat sech bruecht huet, ass elo net de Moment fir opzeginn!

Villmools Merci!
Laurence Hilger